fnel scouts & guides

Lëtzebuerger Guiden a Scouten

SCOUTING IN LUXEMBOURG

---

D20.05.2025

# World Scout Jamboree 2027 – Polen
# **Luxembourg Contingent**
# **Newsletter 1**

## ***Zesumme mam Lëtzebuerger Contingent dobäi sinn!***

**Léif Guiden a Scouten vu Lëtzebuerg,**
Maacht iech prett fir *dat* internationalt Scouts-Event vum Joer 2027!
Am August 2027 versammelen sech méi wéi 40.000 Guiden a Scouten aus der ganzer Welt op dem **26. World Scout Jamboree** – dëst Kéier zu **Polen**.

Zesumme mam **Lëtzebuerger Contingent**, besteet fir iech d'Chance, dëse **Camp** matz'erzielen, nei Kulturen z'entdecken, Frëndschaften iwwer Grenzen eraus ze schléissen an einfach eng onvergiesslech Zäit ze erliewen!

**Op ee Bléck:**
📌 **Wat?** 26. World Scout Jamboree
📍 **Wou?** Gdańsk, Polen
📅 **Weini?** 30. Juli bis 8. August 2027 *(ouni eventuell Norees)*

Offiziell Websäit: [www.jamboree2027.org](http://www.jamboree2027.org)
Programm-Iwwerbléck: Jamboree Programm

🌍 **Lëtzebuerger Contingent**
Mir trieden als **Scouting in Luxembourg (SIL),** geméschten Ekippe vun **LGS** a **FNEL** un, an den **Paul Fay (Tahr)** vun der FNEL esou wei den **Charel Donven** vun der LGS iwwerhuelen d'Roll vum **Head of Contingent**.
Zesumme bereede mir eis vir, fir als een staarkt Team un coolen Contingent-Aktivitéiten a villem méi, a Polen um Jamboree deel ze huelen.

---

**Wéi kanns de matgoen?**
Dir kënnt **op dräi verschidde Manéieren** um Jamboree deelhuelen:

1. **Participant**
   - Gebueren tëscht dem *30. Juli 2009* a *30. Juli 2013*
   - *Keng Ausnahmen méiglech*
2. **Chef (Unitleader)**
   - Mindestens *21 Joer* bis den 29. Juli 2027 (Gebuertsdatum: 29. Juli 2006 oder méi fréi)
3. **Chef (normal)**
   - Mindestalter: 18 Joer bis den 29. Juli 2027 (Gebuertsdatum: 29. Juli 2009 oder méi fréi)

4. **IST – International Service Team**
   - Mindestalter: *18 Joer* bis den 29. Juli 2027 (Gebuertsdatum: 29. Juli 2009 oder méi fréi)
   - Dir schafft an internationalen Ekippen um Jamboree selwer mat fir de Participant'en en onvergiesslechen Camp ze garantéieren– eng super Erfarung!

**Käschten :**
**Jamboree-Paket:**
**Participant / Chef:**
Gesamt: max. **2.100 €**
- 1.500 € fir de Camp
- 600 € fir den Transport + Kontingentskäschten

**IST:**
Gesamt: max. **2000 €**
- 1400 € fir de Camp
- 600 € fir den Transport + Kontingentskäschten

De Contingent Management Team mécht alles fir de Präis vum Jamboree nach no ënnen ze dräcken. De Präis wäert an 3-4 Acompten ze bezuele sinn. Den Detail wéini déi jeeweileg Acompten fälleg sinn wäerte mir am nächsten Newsletter presentéieren.

**Norees:**
Mir sinn umgaangen ee Konzept fir eng Noreess auszeschaffen. Do wäerten an engem spéideren Zäitpunkt informatiounen zu der Reess an de Käschten nokommen.

**Fréiumeldung-Virdeel:**
-100 € Rabatt wann's de **bis den 25. Juni 2025** deng *definitiv Umeldung* méchs an en *1. Acompte vun 500 €* mat der Mentioun „Early Registration + Num vum Participant/Erwuessenen" ob den Konto vum Contingent iwwerwéis.

Link fir d'Umeldung: https://wsj2027.sil.lu/early-registration/

IBAN: LU97 0030 8893 4713 5000 BIC: BGLLLULL
Titulaire: SCOUTING IN LUXEMBOURG

⚠️ **Wichteg:**

- Deen Early Registration Acompte ass **nët** remboursabel.
- Opgepasst: Mir kënnen just eng Reduktion vum 100 Euro fir eng gewëssen Unzuel u Freibucher ubidden. Déi genau Unzuel kennen mir nach net, an ass vum Organisator ofhängeg. Dofir gëtt hei nom System "FIRST COME, FIRST SERVE" verfuer.
- Et besteet d'Méiglechkeet, dass ee sech an der Frist umellt, zu Zäit iwwerweist a mir engem no dem 25. Juni 2025 trotzdeem matdeelen, dass mir een awer net als *Fréiumelldung* mathuele kennen well den Organisateur eis net déi voll Unzuel un *Fréiumelldung* akzeptéiert huet. Do gëtt een, dann nach 2025 rembourséiert.
- Nom 25. Juni 2025 ass nach ëmmer all Umeldung méiglech, mee leider ouni d'Reduktioun vun den 100 €

**Regulär Umeldung:**
All d'Informatiounen zu der Regulärer Umeldung kommen an engem zweeten Newsletter am September!

**Méi Informatiounen:**
Ab dem **1. Mee 2025** fannt dir alles wichteges zum Lëtzebuerger Contingent op eiser Websäit:
👉 https://wsj2027.sil.lu *(am Opbau)*

**Froen? Mir si fir iech do!**
cmt@wsj2027.sil.lu
Maach mat a ginn Deel vun enger globalen Scouten-Aventure déis de ni vergiessen wäerts! Mir freeën eis op deng Umeldung – a virun allem op d'Zäit zesummen an Polen! 🇵🇱

**Mat de beschten Guiden- a Scoutsgréiss,**
*Fir de Lëtzebuerger Contingent*
**Tahr & Charel**